# 08/07/2024

# Remise des diplômes Terminales 23-24

# Allocution de Madame Claudine Muller, Directrice du LTPES

Léif Laureaten, Här Minister, Här Directeur honoraire an Här Directeur adjoint honoraire, léif Elteren, léif Éieregäscht,

Ech wënschen Iech häerzlech wëllkomm hei am LTPES.

Ewéi Dir warscheinlech alleguer wësst, hu mir dëst ganzt Schouljoer, zesumme mat der ances, de 50. Anniversaire vun der Educateurs- an Educatriceformatioun gefeiert, ee groussen Deel vun dëse Feierlechkeeten huet dobäi ënnert dem Haut Patronage vum Grand-Duc a vun der Grande-Duchesse stattfonnt, wat eng immens grouss Éier ass; e Freideg virun enger Woch huet de Groussherzog selwer eis inklusiv Spillkiermes besicht, déi Dir léif, jo ech muss elo soen Ex-Terminales-Studenten a -Studentinnen organiséiert an duerchgezunn hutt. Mir sinn immens frou an houfreg iwwert dëse Besuch gewierscht! A mir sinn och immens stolz op Iech, well Dir dës Festivitéit esou professionell organiséiert an ëmgesat hutt! Och domat hutt Dir bewisen, datt Dir elo prett sidd fir den erausfuerdernde Beruff vum Educateur oder vun der Educatrice! An Dir kënnt selwer stolz op Iech sinn!

An domat hätte mer schonn ee vun de Schwéierpunkten vun Ärer Formatioun hei am LTPES ugeschwat: Eng Haltung, déi sech kennzeechent duerch eng inklusiv Approche, déi keen ausschléisst oder "auβen vor" léisst. Dës Haltung kennzeechent sech weiderhin duerch Respekt, Wäertschätzung, Éierlechkeet, Authentizitéit, Integritéit, Kongruenz, Bientraitance, den Asaz fir Chancëgläichheet an de Respekt vun de Kanner- a Mënscherechter esou wéi vun eisen demokratesche Wäerter.

Och Nohaltegkeet ass ee wichtege Prinzip an dësem Zesummenhank, der nächste Generatiounen eng liewenswäert Welt ze hannerloossen, net dem Konsumwaan ze verfalen, mä méi op ethesch Wäerter a laangfristeg Qualitéit ze setzen. An ech hu mer geduet, datt et an deem Kontext dann och sënnvoll wier, de Prinzip vum Recycling selwer unzewenden, a wann et nëmmen ass, datt ech een Deel vu menger Ried vun der Séance académique zu *50 Joer Erzéien als Beruff* géing recycléieren an un deen heitegen Owend adaptéieren!

Ech war op der Séance académique drop agaangen, wéi eng Bedeitung d'Educateuren an d'Educatricen an der Vergaangenheet fir eist Land haten a wéi eng, nach méi, grouss Bedeitung se haut nach ëmmer fir eist Land hunn!

Fir ze kucken, wat op Iech duerkënnt, hat ech et gewot, ee klénge Bléck an d'Zukunft ze werfen an op déi méiglech Défis'ën vun der Zukunft anzegoen. Natierlech hunn ech keng hellseheresch Fäegkeeten a ka just Vermutungen ustellen. Mä mer wësse jo alleguer, datt een aus der Geschicht och Schlëss fir d'Zukunft zéie muss a soll an Hypothesen opstelle kann, wéi et weidergeet. Mir wëssen alleguer, datt déi edukativ Aarbecht an hir Entwécklung an enkem Zesummenhank mat der gesellschaftlecher Verännerung stinn. D'Erausfuerderungen vun der Zukunft fir d'Educateuren an d'Educatricen, also fir Iech, loossen sech doweenster un der viraussiichtlecher Entwécklung vun eiser Gesellschaft festmaachen.

Opgrond vun de breetgefächerten Asazgebidder, sinn d'Educateuren an d'Educatricen Facteurs multiplicateurs an alle gesellschaftleche Beräicher an hunn dofir eng immens grouss Responsabilitéit. Si

hunn, Dir hutt eng Virbildfonktioun a wäert dauernd a Kontakt mat Mënsche sinn. Ëmsou méi wichteg ass et, datt Dir mat deem néidege Wëssen an der richteger Haltung, op déi ech virdru schonn agaange war, an de beruffleche Alldag gitt. An dëst Wëssen an dës Haltung hutt Dir Iech alleguer an deene leschten 3 Joer hei am Lycée selwer erschafft an ugëeegent! Natierlech hunn Är Enseignanten an dat ganzt Personal dobäi alles gemaach, fir Iech an dësem Entwécklungs- a Léierprozess beschtméiglechst ze ënnerstëtzen. Hinnen dofir ee grousse Merci a, wéi ech mengen, ee groussen Applaus!

An och Är Elteren, Familllen a Frënn, déi Iech op Ärem Wee ënnerstëtzt hunn, hunn ee grousse Merci verdéngt. Och een Applaus fir si!

Léif Laureaten ... nee, domat sinn net déi gemengt, déi op Loret feiere waren, ewéi verschidde vun Äre Kolleegen op der 1ère gemengt haten; d'Laureaten sinn déi Geéiert, déi fréier bei de Réimer mat engem Lorbeerkranz ausgezeechent gi sinn; Dir kennt dat bestëmmt op mannst aus dem Asterix, wou den Cäsar dëse berümte Luewerkranz ëmmer um Kapp huet ... also: Léif Laureaten, un Iech wäerten am Beruffsliewen héich Uspréch gestalt ginn, an dëst an enger Welt, déi ëmmer méi komplex gëtt. Mir liewe mëttlerweil leider erëm an enger Zäit vu politescher Instabilitéit an Onsëcherheet (ech mengen domat d'Situatioun an Europa an an der Welt an ausdrécklech net bei eis am Land); gläichzäiteg veronsécheren d'Klimakris an déi extreem Wierderphänomener, déi ëmmer méi dacks optrieden, eis all.

Laut der UN-Flüchtlingshëllef sinn aktuell bal 110 Millioune Mënschen op der Flucht. Am Géigesaz zu fréieren Zäiten ass Europa direkt dovunner betraff. Vill Leit, besonnesch och Kanner a Jugendlecher, sinn traumatiséiert opgrond vun de Krichserfarungen, déi si gemaach hunn.

An och d'Pandemiesjoren sollte mer net vergiessen; si waren eng Ausnamesituatioun, wéi mer se éiweg net kannt hunn. Vill  Leit hunn opgrond vun Ängschten a Veronsécherung psychesch Probleemer.

De Risiko vun der Kanneraarmut hëlt zou, leider och a besonnesch bei eis am Land; d'Schéier tëschent aarm a räich geet auserneen.

Virun e puer Méint hunn ech an enger renomméierter Däitscher Wochenzeitung gelies, datt ee weideren aktuelle gesellschaftleche Probleem dee vun der Einsamkeet ass, besonnesch d'Einsamkeet am Alter, mä och bei deene Jonken. De Konsum vun digitale Medien, deen ech op kee Fall verdäiwele wëll, ka leider awer derzou féieren, datt déi reell mënschlech Kontakter ze kuerz kommen.

A wann d'gesellschaftlech Erausfuerderungen zouhuelen, da besteet de Risiko och, datt Leit mat spezifesche Besoinen oder engem Handicap nach méi séier op der Streck bleiwen. D'Iddi vun enger inklusiver Gesellschaft huet an deene leschte Joerzéngten vill Fortschrëtt gemaach, mä ass nach net esou verankert, datt se net a Krisesituatiounen a Gefor wier.

All déi ugeschwate Beräicher mat hire spezifeschen Erausfuerderungen sinn Asazberäicher vun Educateuren an Educatricen. Ech hunn d'Hoffnung, datt Dir, opgrond vun Ärer Ausbildung an deene Wäerter, der Haltung, déi Dir Iech wärend Ärer Formatioun ugëeegent hutt, asetze wäert, fir dësen Erausfuerderunge gerecht ze ginn, an ee Stéck derzou bäidroe wäert, fir dës Welt besser an nach méi inklusiv ze maachen.

Mir wëssen alleguer, datt d'Kanner an déi Jonk, awer och vill Erwuessener, sech duerch d'Bank ëmmer manner beweegen an de Probleem vum Iwwergewicht an der net gesonder Liewensweis zouhëlt. Och hei geet iwwregens d'Schéier tësch aarm a räich weider auserneen. Et ass wichteg, datt déi Jonk en Charge geholl ginn vun ausgebiltem edukative Personal, dat de Spaass un der Beweegung an um Sport vermëttele kann a selwer virlieft.

Ech sinn dofir frou, datt dëst Joer op eiser Terminale eisen neien Domaine de différenciation *Pédagogie des activitités socio-sportives* an Zesummenaarbecht mam INAPS ugelaf ass. Ech hunn d'Hoffnung, datt déi Leit, déi op dësem Wee haut nieft hirem Staatsdiplom als Educateur oder Educatrice och nach een  Trainerschäin

kréie wäerten, sech an hirem beruffleche Liewen besonnesch staark fir Beweegung am Alldag a méi ee gesonde Liewensstil asetzen an dësen och virliewe wäerten.

Mä wierklech Suerge bereet mir am Moment de Rietsruck, dee weltwäit duerch d'Gesellschafte geet. Ech hat wierklech gehofft, datt mir no der Erfarung vum 2. Weltkrich an der Okkupatioun duerch Nazidäitschland hei am Land, mä och a ganz Europa an an der ganzer fräier Welt bäigeléiert hätten an net méi emfänglech wieren, fir déi vun de Populiste virgegaukelt einfach Äntwerten op komplex Froen. Dës ginn erfarungsgeméiss ëmmer op d'Käschten vu Minoritéiten a vun deene Persounegruppen, déi um Rand vun eiser Gesellschaft stinn, a vun deene kritesche Membere vun der Gesellschaft. Ech hat och gehofft, datt mer als fräi europäesch Gesellschaft opgrond vun deem schonn ugeschwatenen humanisteschte Menschebild an eisem Vertrauen an d'Demokratie immun wiere géint déi rietsextreem a rietspopulistesch Gefor. Besonnesch de Fait, datt mëttlerweilen och jonk Leit sech vu genee deene Leit a Parteie ködere loossen, ass fir mech schwéier ze erdroen. Mir hu besonnesch och elo an eisem Nopeschland Frankräich gesinn, wat dat bedeit. An ech muss soen, datt ech, dee bis elo keen immense Fan vun engem Ousmane Dembélé, engem Kilian Mbappé oder engem Marcus Thuram war, een immense Respekt virun dësen dräi zum Deel nach jonke Sportler hunn, déi kloer Stellung bezunn a sech vun de Faschisten distanzéiert hunn an d'Wieler, besonnesch och d'Jugend, opgeruff hunn, wielen ze goen! Dat ass keng Selbstverständlechkeet! Dat ass ee Beispill fir d'gesellschaftlech Verantwortung, déi jiddereen op seng Aart a Weis huele muss! An Dir hutt gëschter Owend warscheinlech matkrut, datt dat gewierkt huet. Ech sinn op jidde Fall immens erliichtert, datt déi Rietsextreem gëschter a Frankräich op mannst keng absolut Majoritéit kritt hunn.

An deem Kontext war ech immens frou iwwert den Uklank, deen déi vum ZpB zur Verfügung gestallten Ausstellung "State of Deception" esou wéi eisen éischten Holocaust Remembrance Day e leschte Méindeg bei Iech fonnt hunn, awer och, méi am Ufank vum Joer, d'Ausstellung *EU4You(th)*, an och iwwert d'Begeeschterung, déi elo am LTPES ausgebrach ass fir d'Europäesch Institutiounen ze besichtegen. Mir envisagéieren an deem Kontext fir Botschafterschoul vum Europaparlament ze ginn.

Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt Dir als kritesch, mä iwwerzeegten Demokraten an Demokratinnen den LTPES verloosst an derzou bäidroe wäert, eis Demokratie ze stëtzen, fir net ze soen ze verteidegen, andeems Dir déi demokratesch Wäerter virliewt a vermëttelt.

An deem Sënn: Am Numm vun der ganzer Direktioun vun eisem Lycée, an ech mengen och dierfen ze soen vun der ganzer Schoulgemeinschaft, Felicitatiounen un Iech all! Dir hutt vill geschafft a kënnt elo houfreg drop sinn, Ären Diplôme d'État als Educateur oder Educatrice haut ze kréien. Alles Gudds fir Är Zukunft!

Den Applaus gehéiert Iech!